1-2019-0-71-5901-01 (n°3236)

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 2. Juli 2020

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest :

- datt eng Gesellschaft hiren eelere Matbierger ganz selbstverständlech Respekt, Unerkennung an Dankbarkeet fir hir Liewensleeschtung, vun där all Generatioune profitéieren, schëlleg ass;
- datt all Mënsch, besonnesch och am Alter, en natierlecht Recht drop huet, datt seng Dignitéit allzäit respektéiert gëtt;
- datt och eeler Leit an all Hisiicht vollwäerteg Mënschen a Bierger sinn an datt deementspriechend hiert Matsproocherecht an hire Wëlle musse respektéiert ginn, besonnesch och dann, wa si an enger Situatioun vu Krankheet oder Ofhängegkeet sinn;
- datt eis Gesellschaft an der Flicht steet, den eelere Leit e frëndlecht an altersgerecht Ëmfeld ze bidden, fir datt si esou laang wéi méiglech kënne mat grousser Autonomie eng héich Liewensqualitéit hunn an ni dat Gefill kréien, net méi erwënscht ze sinn oder Aneren zu enger Laascht ze ginn;
- datt déi eeler Leit sollen als en aktiven a wichtegen Deel vun eisem gesellschaftleche Liewe ugesi ginn, an datt all Politikberäich och géintiwwer den eelere Leit soll inklusiv geduecht ginn, zum Beispill och am Beräich vun der Mobilitéit;
- datt vill eeler Leit mat, zum Deel, altersspezifeschen Problemer konfrontéiert sinn an dowéinst Hëllef, Berodung an Ënnerstëtzung brauchen;
- datt am Abléck nach keng zentral staatlech Ulafstell speziell fir den Drëtten Alter besteet, déi déi ganz Bandbreet vu Froen a Problemer kann ofdecken, mat deene speziell méi eeler Leit konfrontéiert sinn;

<u>fuerdert d'Regierung op</u> :

- d'Liewensqualitéit vun den eelere Leit duerch eng besser an eng méi onofhängeg Mobilitéit ze verbesseren an dofir d'Leeschtunge vum Adapto grousszügeg eropzesetzen;
- den institutionellen Effort ze maachen an eng berodend, ënnerstëtzend a vermëttelnd staatlech Struktur speziell fir eeler Leit ze schafen – änlech wéi den Ombudsmann fir d'Kanner an de Jonktem – déi hinnen an all Liewenslag kann hëllefen;
- déi medezinesch Fuerschung ze ënnerstëtzen, fir eis Kenntesser am Sënn vum besseren, méi gesonden Alteren auszebauen.

Fernand Kartheiser

**ADR – Groupe parlementaire** **25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742**